LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4845 vum 30. September 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

1. Wéi vill Persoune goufen an de leschten zwee Joer vum CMSS no enger Aarbechtsonfäegkeet erëm als aarbechtsfäeg erkläert?

An de leschten 2 Joer goufe follgend Unzuel u Persounen erëm als aarbechtsfäeg erkläert no enger Aarbechtsonfäegkeet:

Am Joer 2024:	5101 Persoune
Am Joer 2025:	6099 Persoune

2. Wéi vill vun dëse Persoune goufen duerno an de follgenden 30 bis 60 Deeg nees krankgeschriwwen?

Den Artikel 177 vun de Statute vun der Gesondheetskeess (CNS) gesäit follgendes vir: "*Tout avis du Contrôle médical de la sécurité sociale estimant que l'assuré est capable de travailler donne lieu à l'émission par la Caisse nationale de santé d'une décision en vertu de l'article 47, alinéa 2 du Code de la sécurité sociale précisant que les* ***certificats d'incapacité de travail pour cause de maladie ou d'accident****,* ***établis au cours des douze semaines*** *à venir, ne sont pas opposables à la Caisse nationale de santé, sauf fait médical nouveau justifié d'une manière détaillée par le médecin traitant.*"

Der CNS hir Statistik bezitt sech dowéinst op d'Krankeschäiner, déi wärend der Zäit vun der sou genannte Mesure vun zwielef Woche, agereecht goufen.

Fir d'Joer 2024 huet sech d'Zuel vu Krankeschäiner, déi wärend der virdrun ernimmte Mesure bei der CNS agereecht goufen, op 4.906 belaf an am Joer 2025 op 6.215.

3. Wéi oft gouf eng Decisioun vum CMSS opgrond vun neie medezineschen Elementer spéider geännert?

An de leschten 2 Joer goufe follgend Unzuel un Decisiounen erëm revidéiert opgrond vun neie medezineschen Elementer:

Am Joer 2024:	an 5,12 % vun de Fäll
Am Joer 2025:	an 3,77 % vun de Fäll

4. Wéi vill Oppositioune géint CNS-Decisioune goufen an de leschte fënnef Joer wéinst enger verpasster Frist als irrecevabel erkläert?

Fir d'Joren 2020 bis 2025 sinn insgesamt 63 Oppositioune géint Decisioune vum President (décision présidentielle) vun der CNS ausserhalb vum Delai agereecht ginn an dowéinst als onzoulässeg erkläert ginn.

5. Gëtt de Versécherte kloer matgedeelt, datt nei medezinesch Dokumenter net automatesch als formell Oppositioun gëllen?

Bei all Decisioun vum President vun der CNS läit en Informatiounsblat iwwer d'Recoursméiglechkeeten dobäi, an deem präziséiert gëtt ënnert wéi enger Form eng valabel Oppositioun muss agereecht ginn.

An deene Fäll wou, no enger Decisioun vum President, just medezinesch Dokumenter un d'CNS oder de Verwaltungsrot vun der CNS eragereecht ginn, geet en zousätzlecht Schreiwes un d'Assuréë fir un d'Rechtsmëttel ze erënneren, respektiv drop opmierksam ze maachen, dass et hinne fräi steet, esou laang d'Frist nach leeft, eng deementspriechend ënnerschriwwen Oppositioun anzereechen.

Am Fall wou eng ënnerschriwwen Oppositioun am Delai géint Decisioun vum President vum Assuré beim Verwaltungsrot vun der CNS agereecht gëtt, geet eng Decisioun vum Verwaltungsrot un den Assuré eraus. Och bei dëser Decisioun läit en Informatiounsblat iwwer d'Recoursméiglechkeeten dobäi fir den Assuré ze informéieren ënnert wéi enger Form e valabele Recours muss agereecht ginn.

6. Wéi vill Krankegeld-Dossiere goufen an de leschte fënnef Joer nodréiglech korrigéiert oder nodréiglech bezuelt?

7. Huet d'Ministesch Informatiounen an Zuelen doriwwer, wéi vill Betraffener duerch eng Ënnerbriechung vum Krankegeld a finanziell Schwieregkeete geroden, well dëst Auswierkungen op aner Sozialleeschtungen huet? Falls dës Donnéeën net erhuewe ginn, wëll d'Ministesch dat zäitno analyséieren an handelen oder gesäit si dëst net als prioritär un?

Den Tableau hei ënnendrënner weist d'Zuele vun de Urteeler betreffend d'Krankegeldsfäll, bei deenen den Assuré deels oder ganz Recht kritt huet an déi dowéinst nodréiglech deels oder ganz zu Gonschte vum Assuré korrigéiert gi sinn:

Zuel vun Urteeler zu Gonschte vum Assuré fir d'Joren 2020 bis 2025						
	2020	**2021**	**2022**	**2023**	**2024**	**2025**
Zuel vun Urteeler zu Gonschte vum Assuré	56	39	108	176	110	86
Zuel vun Urteeler deels zu	23	10	6	23	6	6

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Gonschte vum Assuré						
TOTAL	**79**	**49**	**114**	**199**	**116**	**92**

Et ass net méiglech ze erfaassen ob Betraffener duerch Ënnerbriechung vum Krankegeld a finanziell Schwieregkeete geroden sinn.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez